



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8153 vum 14. Juli 2023 vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen a vum Här Deputéierten Emile Eicher.

Déi honorabel Deputéiert wëlle weider Informatiounen zu der Fermeture vum Site Maarnech an der neier Ouverture vum Site vun der SNCA am Norde vum Land um Fridhaff.

De Site Maarnech war vun Ufank un als eng provisoersch Léisung ugeduecht. No enger laanger Sich vu méiglechen Terrain a Standuerter am Norde vum Land, huet sech de Site Fridhaff als bescht Léisung erginn, fir hei d'Aktivitéite vun der SNCA unzebidden. Dëst well dëse Standuert sämtlechen Ufuerderunge gerecht gouf. Tatsächlech ass et mat der Ouverture vum neie Site um Fridhaff an dem Erhale vun de Sitte Sandweiler an Esch méiglech, datt quasi sämtlech Bierger aus dem Land ee vun de Sitte vun der SNCA a 35 Minutte kënnen erreechen an esou vun de Servicer vun der SNCA profitéieren. Dëst gouf och am Kader vun der parlamentarescher Fro 182 am Detail beschriwwen.

Et war och esou, datt eng ganz Rei vun de bis dato benotzen Terrain am Kader vum praktesche Führerschäin net méi wierklech den Ufuerderunge vun der SNCA gerecht goufen an dofir och dësen op dem neie Site vun der SNCA integréiert huet sollt ginn. Tatsächlech waren eng Rei vun deene bis dato genotzte Sitten der SNCA just zu Verfügung gestallt an hunn net der SNCA gehéiert. Mat dem neie Site wou och dës Ufuerderung konnt ënnerbruecht ginn, huet d'SNCA d'Méiglechkeet dësen Terrain a Funktioun vu méiglechen Upassunge vum europäesche Führerschäinsbestëmmungen ze amenagéieren. Esou kënnen um neie Site sämtlech praktesch Examen am Führerschäin ofgehale gi bei deenen et néideg ass verschidde Manöveren op engem zouenen Terrain duerchzeféieren.

Ziel an d'Visioun vun der SNCA ass et an Zukunft op sämtleche Site am Land déi selwecht Aktivitéite kënnen unzebidden, heescht sämtlech Servicer aus dem Portfolio vun der SNCA op all hire Sitte kënnen ze offréieren. Do dernieft ass allerdéngs och ugeduecht sämtlech Servicer wou méiglech sinn ze digitaliséieren, esou datt d'Mataarbechter vun der SNCA d'Ofwécklung vun den Dossieren da kënnen am Back-Office maachen, an de Bierger wann hien dat net wëll, sech net muss deplacéieren. Éischt Schrëtter heizou si scho lancéiert a schonn haut ass et iwwer MyGuichet.lu méiglech eng ganz Rei vun den Demarchen ze maachen. Dës solle kontinuéierlech ausgebaut ginn. Natierlech wiert d'SNCA och weiderhi fir de Bierger an hire Guicheten do sinn.

Weider kleng Antenne vun der SNCA sinn dofir am Moment net ugeduecht well d'Servicer däitlech méi effizient kënnen ugebuede gi wann d'Matarbeschter op deenen 3 Sitte polyvalent weider kënnen ausgebild ginn an esou de Client bescht méiglech kënnen empfänken.

Lëtzebuerg, den 18. August 2023
De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten
(s.) François Bausch